**AMICALE VUM ESCHER KOLLÉISCH a.s.b.l.**
B.P. 395 L-4004 Esch-sur-Alzette
mailto: avek@avek.lu www.avek.lu
www.facebook.com/aveklu.lu

RCS Luxembourg : F4668

D'Amicale vum Escher Kolléisch invitéiert Iech häerzlech, op hir fënneft Aktivitéit am Joer 2024 **de 22. Mee :**

# Guidéiert Visitt vun der Superdreckskëscht (SDK)

**De Rendez-vous fir dës Visitt ass um 10:00 Auer um Site vun der Superdreckskëscht** an der Zone Industrielle Piret, L-7737 Colmar-Bierg.

Bei dëser zilorientéierter Féierung ginn d'Philosophie an d'Aktivitéite vun der SDK erkläert. Mär ginn an d'Thematik vun der nohalteger Ressourcennotzung agefouert a kréien hir Ëmsetzungskonzepter vun der "*Circular-Economy"* gewisen.

D'Visitt dauert 2 Stonnen an duerno gi mär op Miersch an de Restaurant "Beim Méchel" (https://www.beimmechel.lu/fr) iessen. Fir an der Brasserie ze reservéieren deelt eis wgl. mat zu wéivill där mat iesse gitt.

Aus organisatoresche Grënn biede mär Iech, iech unzemelle per Mail op avek@avek.lu oder per Telefon am Sekretariat vum Escher Jongelycée op de 55 62 85-210 (Här Mahir Music) oder op den Handy 691 88 55 11 vum Ermin Sonnetti an eis matzedeelen zu wéivill der kommt.

Mär informéieren iech dass d'Konferenz vum Alex Bodry iwwert déi néi Dispositiounen fir "a.s.b.l.-en an Upassungen vun hire Statuten an déi 2. Halschent September verluecht ginn ass. Mär schécken iech spéiderhin méi Informatiounen.

De Kommitee erënnert Iech un säin **Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch**, mat deem mir all sozial Ausgabe finanzéieren. De Kommitee seet Iech Merci fir Är generéis Donen, déi Dir op de Konto *Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch* iwwerweise kënnt:

**BGL BNP Paribas, Konto BGLL IBAN LU19 0031 0845 2094 0000**